# JUGENDVERSAMMLUNG VUM 24.02.2026

jugendhaus nidderaanwen

## März & Abrëll Programm

De Programm vum März gouf virgestallt. Am März sinn nach Plazen fräi fir Bowling an Fréijoersbotz. Fir Abrëll gouf sech gewënscht weiderhin Padel spillen ze goen an Rideau'en fir am Chillraum ze bitzen.

## Outdoor-Lasergame 02.04.

Mir fueren rëm op Brücken (D) op de Outdoor-Lasergame. Et kascht 35€ an dir kritt ee Kebab duerno.

## Krimi-Dinner 18.04.

De fënnt am Jugendhaus statt, wichteg ass sech fréi genuch unzemellen fir dass ee seng Roll kritt an mir mam Iessen kënnen kucken.

## Sport ouni Drock

- Fussballsturnéier zu Ueweraanwen: De Foyer um Sennengerbierg organiséiert den 11.4. en Turnéier an mir sinn agelueden. Den Alter fir matzemachen ass vun 11-20 Joêr.
- Leeschtungsdrock am Sport wert thématiséiert ginn: Engkéier jugendhausintern am September mat prakteschen Übungen an den 17. Oktober fir de grousse Public am Kader vun der Mental Health Week. Do fënnt eng Table Ronde statt mat Experten (Athleten, Sportpsychologen asw), wou jiddereen och kann Froën stellen. Mir schaffen do mat Evolve360 an der Gemeng zesummen.
- Et ass eng Iddi eemol ee Boxtrainer an een fir Calisthenicstrainer ze ruffen fir am Parc de Loisir.
- Mir maan een Poledance Schnuppercours den 30.05.

## Schmuck-Workshop

Den 26.05. fënnt ee Workshop bei eis statt, wou een sech aus Sëlwer kann ee Rang an een Unhänger machen. Et wärten 4 Plazen fräi sinn (falls déi seier voll sinn, kann een fir den Dag duerno nach ufroen) Verstärk also deng Crafting-Skills !

## Ouschtermaart 30.03.

Gesicht ginn Jonker déi um Stand mat de Crêpes hëllefen an den Ouschterhuesenkostüm undinn fir den Kanner Sachen auszedeelen. Komm dir e puer EJ's verdengen am JUgendhaus fir Aktivitéiten ze bezuelen ;).

## Atelier iwwert lëtzebuerger Sprooch

An der Gemeng wert een Atelier ulaafen, wou mir kënnen deelhuelen, wann Interêt besteht.

## Europa Park

Mir fueren an der Summervakanz (10.09.) an den Europa Park. Zesummen mat den Jugendhaiser Duelem, Fréiseng an Mutfert.

**DÉI NÄCHST JUGENDVERSAMMLUNG ASS DEN 24.3. UM 10H30**